DE FREIE LETZEBURGER

# ONS HEMECHT

LPL

OFFICIELLT ORGAN VUN DER LPL

Verantwortleche Redacter: Dëngens Dömmy. Drock a Verlag: 57, Pietresboulevard, Lötzeburg.
Ennert dem Protectorat vum Gauleiter an dem Häuptling vum Mouvement
Direct Verbindong o'ni Drot mat London, New York, Moscau, Tschungking.

N° 28 So' secher we' ons Bierger wênken
Könnt d' Freihêtssonn èn Dag ons blênken 19ten Dezember 1942

C.W.O.II BG 192 C.2.G.M.

## --- NEIJOR 1943 ---

Nês e Jor voller Lêd a voller Sûergen gêt eriwer a kê wir amstand ze soen we'ni onst Sklawelîewen en Enn kritt.

Mir lîewen, we' an alle besate Länner, an der Hoffnong geschwönn erle'st ze gin. Hätt èn ons viraus gesot mir missten et 3 Jor aushalen, dann hätto mir geäntwert mir ge'wen et net packen. An dach hu mir et fîerdeg brûecht dem Naziterror de Bass ze halen a mir packen et och nach 1 Jor oder 2, wann et muss sin. L'espoir fait vivre, sét de Franso's. De Weltkrich hûet iwer 4 Jor gedauert an, we' d'preisesch Front emol ugefangen hûet gutt ze wackelen, wor den "Endsieg" (vun den Allie'erten) nömme me' engnQuestio'n vun e pûer Wochen.

Wat d'lötzeburger Vollék am Jor 1942 geaffert hûet ka mat golde Buthstawen a sei Freihêtsbam geschriwe gin. Onst Land blutt aus villen an de'we Wonnen de' dèn an der ganzer Welt verhaste Preiss him onbarmhîerzeg geschloen hûet:

Op onst Verme'gen hûet hîen d'Hand gelûegt.

Braw Lötzeburger, dénen hirt ènzegt Verbrîechen dora bestanen hûet dat sie Patriote woren, mussen an de Prisongen an an de Konzentrationslager schmûechten.

Honnerte Familjen go'wen, we' Ve', deporte'ert a kreischen sech d'Aen aus dem Kap p am blosse Gedanken dat honnsgemeng Preisen sech vun hirem Hab a Gutt Mêschter machen an an d'Preissland schlêfen wat net ugewûes ass.

Ganz Familjen go'wen zerste'ert a rujene'ert, d'Könnercher de Mammen entrass fir sie am nationalsozialisteschen, d.h. am Banditegêscht ze erze'en.

Ons Jongen go'we ge'nt hire Wöllen, ge'nt de Wöllen vum Vollék a ge'nt all Völkerrecht an de' verhast, verpescht a verlaust preisesch Uniform gestach a wärde wûel èn Dag an de russesche Steppe verbludde mussen.

An déne mir vrun Allem gedenken, dât sin all de' braw Patrioten de' net gezéckt hun hirt Lîewen ze afferen fir d'Wûel an d'Freihêt vun onsem le'wen Hêmechtsland.

Dât ass, an e pûer Wîerder, d'Bilanz vum Jor 1942. Sche'n ass sie net an dûerfir grad ass et d'Flicht vun alle Lötzeburger, all Hîewelen a Bewéjong ze setzen fir dem Preiss seng Plangen op d'Kopp ze geheien, him ze schûeden wo' et nömme miglech ass. Mir wössen we' schwe'er et mûencherengem ass dât dûrchzesetzen wat en am Sönn hûet. Wann èn op ège Fauscht schafft kann èn net vill errêchen, ower wa mir önner ons èneg sin an Hand an Hand gin, ass un engem positiven, wann och nömmen dêlweise Resultat net ze zweiwelen.

"De Freie Lötzeburger" geseit et als seng Flicht un, îech nach emol zo'zeruffen: Lötzeburger, al a jong, reich an arem, sitt èneg, èneg, èneg ! He'ert un onsen Appell, gitt mat ons Hand an Hand a losst net no bis de Preiss ass aus dem Land.

Bei deser Geléenhêt wönsche mir îech all, wann och net e glécklecht, ömmerhin e bessert neit Jor. De Preisebanditen hirt Gléck soll sin : de Galjen, de Stréck.

Sot îech all: Eso' gro'ss an eso' kleng ass keng Dir, et stêt e Kreiz dervir. Drot, o'ni ze knûeren, èrt Lêd an èr Sûergen. Iesst dât schwarzt Bro'd virun dém weissen. Setzt îech all dât selwegt Ziel : Ert le'wt Hêmechtsland vum Naziterror ze erle'sen. Et ass èr Flicht a Schöllegkêt. Schölleg sitt dir et ère Kanner, dat sie so' be's Joren we' de' elei net nach emol mussen erlîewen. Schölleg sitt dir et ower besonnesch den do'dege Patrioten; hirt Blutt soll net ömsoss geaffert si gin.

Lötzeburger, he'ch de Kapp, stitt ère Mann !

Vive e freit an onofhängegt Lötzeburg !

Mengt dir net am neie Jor
kre'chen d'Preisen all gro Hor ?

---

--- R A F Propaganda ---

Den 1lten November hun d'Englänner iwer dem E'sléck dausende vun Tracten erofgeheit, e geste dèn ons all, a speziell den E'slécker se'er zu Hîerze gangen ass.

De' Tracten, mam lötzeburger gekre'nte Wopen a mam "Ro'de Le'w" hun enthalen :

E Message vun onser Gro'ssherzogin Charlotte, vum 9.?.42, an
E Radio-Message vum englischen Ausseminister Mr. Anthony Eden
un d'Lötzeburger Vollék, vum 6.9.42.

Weil mir unhûelen, dat vill vun onse Lîeser de' 2 Messagen net gelîes oder gehe'ert hun, wölle mir se hei publize'eren.

Message vun der Gro'ssherzogin Charlotte

L ö t z e b u r g e r !

Keng Versprîechen a keng Gewalt konnten èr Trei zur Hêmecht brîechen. Haut ass onst Land dûrch e Machtsproch vum Gauleiter an d'deitscht Reich ageglidert. Er Freihêt an èrt Gléck sin den 10te Mê 1940 zesûmmegebrach. Den 30ten August 1942 hun d'Preisen hire Verbrîechen um Lötzeburger Land d'Kro'n opgesat. Ons Jonge gin an de' verhast preisesch Uniform gestach a sollen d'Waffen droen ge'nt hir Bridier de' an den Arme'en vun den Allie'erten fir d'Freihêt an d'Independenz vu Lötzeburg hirt Lîewen hîergin. Ons daper Jongen wössen wat hir Flicht ass. D'Aentwert de' d'lötzeburger Vollék op d'Proklamatio'n vun der Annexio'n gin hûet, ass en heroescht Bekenntnes zur Hêmecht an et ass ömsoss dat d'preisesch Ligepropaganda heibaussen versicht îech èr E'er ze stîelen a glêwen ze dun, 75.000 Lötzeburger hätte freiwölleg d'Agliderong an d'deitscht Reich verlangt. Mat dém sechere Sieg vun den Allie'erten erstêt och nês onst le'wt, freit Lötzeburger Land. De' Opfer de' mir all fir ons hêlegst Gidder bréngen, man ons d'Hêmecht nach me' le'w. Ons Nationalhymn ass haut wo'er gin. Lötzeburg ass ons Hêmecht, fir de' mir heinidden alles won. Me' we' je schle't mein Hîerz fir all de'jeneg de' fir d'Hêmecht leiden a bludden a fir mei le'wt Lötzeburger Vollék. A me' we' je sin ech secher dat den Herrgott, zu dém ech dagdéglech fir îech bîeden, seng Hand iwer onst Land hällt.

C h a r l o t t e

---

Message vum Ausseminister Anthony Eden

Mir an Engeland hu mat Bewonnerong a Sympathie d'heroesch Resistenz verfollegt, de' e klengt ma dapert Vollék der Nazityrannei entge'nt gesat hûet. Dir Lötzeburger sitt èneg an èrem Has ge'nt d'Nazien. Dir hûet bewisen dat dir wöllt bleiwen wat dir ward, e freit Vollék, an dûrch ère Courage an èr Resistenz hûet dir èrt Recht als frei Natio'n definitiv stable'ert.

Den 10ten Oktober 1941 hûet dir ère Wöllen frei Lötzeburger ze bleiwen, klor zem Ausdrock brûecht.

Den Census, dèn d'Preisen bis an de klengsten Detail prepare'ert haten, hûet mat enger kläglecher Blamage fir sie ofgeschloss.

De preisesche Gauleiter vu Lötzeburg hûet d'Annexio'n vun èrem Land an d'drött Reich dekrete'ert an èr Jongen gi gezwongen, ge'nt all Mönschen- a Völkerrecht , d'Waffen ge'nt hir Kameroden vun den Allie'erten Natio'nen ze droen. Et ass dât e Verbrîechen an e Beispill me' vu preisescher Brutalite't. D'englescht Vollék a mat him all Verènegt Natio'nen sin entschloss d'Waffen net nidder ze léen, eso' lang de' iwel Gewalten, de' elo iwer Europa herrschen, net zerste'ert sin. Dûerfir halt dûer !

D'Allie'ert gin all Dag an all Stonn me' stark a mächteg. Hir Mûecht ass d'Garantie vun èrer Liberatio'n.

---

D'Tracten weisen op der e'schter Seit e sche'ne Portrait vun der Gro'ssherzogin Charlotte. Um Enn vun der zwêter Seit stêt e gro'sse "V" an dém geschriwe stêt : Mir wölle bleiwe wat mer sin. Et ass de "V" dèn ons Lîeser op den e'schte Nummere vum "Freie Lötzeburger" gesin hun an dén dohannen an Engeland Jonger gemacht hûet.

Fir keng Ste'fkanner ze machen bîede mir d'Tommyen och iwer d'Guttland e pûer Dausend dèr Billercher ze geheien. Am Viraus villmols merci !

---

Helleft dem " Freie Lötzeburger", an dir helleft îech selwer

---

--- Belsch-Lötzeburger, opgepasst !---

An onser N°27 hu mir higewisen op de' gro'ss Geforen de' de Belsch-Lötzeburger aus der Areler Gegend drêen. Mir zweiwelen net drun dat sie, all we' è Mann, dém honnsgemenge Preiss de gre'sste Widderstand lêschten, seng Actio'nen mat alle Möttele mine'eren an, do wo' sie eng Geléenhêt derzo' hun, den Aktivisten de' Lektio'n gin de' sie verdéngen.

We' klor mir gesin hun beweist nês e Bre'f, dèn an de leschten Dég vum "Deutscher Sprachverein in Arel" un de' Belsch-Lötzeburger Memberen vun der Volksdeutschen Bewegung Luxemburgs in Brüssel geschéckt ass gin. Hei ass den Text vun dém Bre'f :

Deutscher Sprachverein in Arel

Arel, den ................

Sehr verehrter Landsmann !

Sie waren bisher als Mitglied bezw. als Gast bei der Volksdeutschen Bewegung Luxemburgs in Brüssel eingeschrieben. Nun besteht für die Volksdeutschen des Areler Gebietes in Arel selbst eine eigene Organisation : Der Deutsche Sprachverein in Arel.

Dieser Verein soll alle die Areler zusammenfassen, die bereit sind für die Erhaltung und Wiederbelebung der deutschen Muttersprache und des deutschen Volkstums in der Areler Heimat einzutreten. Der Deutsche Sprachverein zählt in der Areler Heimat bereits 750 Mitglieder.

Es ist eine besondere Aufgabe unserer Organisation die Landsleute, die ihr Brot in der Fremde suchen mussten, in ihrem Bestreben, sich ihre deutsche Muttersprache zu erhalten und in ihrer Liebe zur Areler Heimat zu stärken.

Auf Grund einer Vereinbarung mit allen beteiligten Stellen werden Sie in Zukunft nicht mehr bei der Volksdeutschen Bewegung als Mitglied geführt, sondern werden Sie von jetzt ab als Mitglied des Deutschen Sprachvereins in Arel betrachtet.

Ihre Pflichten sind vorerst noch recht klein. Unsere Mitglieder sind verpflichtet die Wochenzeitung "Areler Volkszeitung" zu beziehen / Jahrespreis: 48 Fr./ und ausserdem einen Mitgliedsbeitrag von jährlich 8 Fr. zu zahlen.

Wir glauben jedoch in Kürze eine eigene Ortsgruppe in Brüssel gründen zu können, die dann mit eigenen kulturellen deutschen Veranstaltungen hervortritt. Der Besuch dieser Veranstaltungen und die Mitarbeit in der Ortsgruppe würden dann Pflicht sein.

Manche Areler in der Fremde haben sich bisher schon zu den Bestrebungen in Arel die deutsche Muttersprache zu pflegen und zu verteidigen in Briefen an uns zustimmend geäussert. Wir erwarten, dass auch Sie in Zukunft uns nach besten Kräften helfen, dass Sie bei sich selbst und in Ihrer Familie die deutsche Muttersprache erhalten und im Rahmen unseres Deutschen Sprachvereins mitarbeiten.

Wir werden Sie schon von jetzt an als Mitglied des Deutschen Sprachvereins und als Bezieher der Areler Volkszeitung betrachten. Eine Mitgliedskarte des Deutschen Sprachvereins wird Ihnen in einiger Zeit übersandt werden. Das Bezugsgeld für die Zeitung wird durch die Post eingezogen werden.

Mit heimatlichen Grüssen
(Ennerschröft)
Vorsitzender des Deutschen
Sprachvereins in Arel.

C. W. O.
C. 2 C. M.

Wir bitten Sie uns den beiliegenden Formular ausfüllen zu wollen und an uns wieder zurück zu schicken.

---

Elo hu mer et: "Der Deutsche Sprachverein in Arel" ass d'Organisatio'n vun de Volksdeutschen aus der Areler Gegend. Belsch-Lötzeburger, de' bis elo Member vun der VdB Bre'ssel woren gin, op sie et wöllen oder net, als Member vum "Deutscher Sprachverein in Arel" betrûecht. Am 4te Paragraph stêt wûel, dat d'Flichten fir den Ament nach kleng sin (hûet dir gutt gelîes ...... fir den Ament) . Fir unzefânken muss gidfer Member sech op d' "Areler Volkszeitung" abonne'eren an all Jor eng Cotisatio'n vun 8 Fr. bezûelen. Dât ass ...... fir unzefânken, de Rescht könnt no. Eso'bal we' de' famo's "kulturellen deutschen Veranstaltungen" op d'Tape't kommen, göt et Flicht vun alle Memberen dëne Conferenzen, Manifestatio'nen a.s.w. beizewunnen. Mir prophezeien : Dûerno könnt den Drill (Exerze'eren, Sche'ssen a.s.w.).

D'Elteren gin opgefûerdert hir Kanner an d'deitsch Scho'l ze schécken.

Freiwölleger (?) gi gesicht fir de' an d'preisesch Front geschloe Lächer ze stoppen.

Ere Gro'ss göt : Heil Hitler !

Zum "Deutschtum" musst dir îech bekennen an d'Spéngel "Heim ins Reich" droen.

Wann de Krich a 6 Me'nt nach net eriwer ass da könnt et eso', eso' secher we' Amen am Gebîed ass.

Belsch-Lötzeburger, donkt d'Aen op îer et ze spe't ass. Ennerzêchent neischt wat îech vum "Sprachverein", vun der "Areler Volkszeitung" oder vu soss engem "Muttersprachsapostel" virgelûegt göt. Schéckt all de' knaschteg Honn op d'Schöff, wa miglech mat engem gudde Fo'ss hannebei. Intervene'ert bei all ère Frönn a Bekannten, dat kên dem Mouvement soll beitrîed en a sicht de' Compatrioten, de' blannemännches oder lîchtgesönnt Member si gin, derzo' ze bewegen aus der Organisatio'n aus zetrîeden. Et ass èr patriotesch Flicht ! Verstoppt hanner dem "Sprachverein" lauert den NAZI op dè richtege Moment fir îech können un d'drött Reich unzeschle'ssen. Gitt net op de Leim !

Sitt dir well iwer 100 Jor
vun ère Bridder och geschêd,
èr Sprôch wor niemols a Gefor
a sie ze schwätzen wor èr Frêd.

Sie göt geschwat vun îech nach haut,
ma könnt de "Sprachverein" an d'Haus
göt èrer Sprôch de "Poês" gelaud.
Mat "Sprôch" a "Freihêt" ass et aus.

---

Lîest a verbrêd "De Freie Lötzeburger"

---

VdB Bre'ssel - Kameradschaftsabend

Onse belsche Correspondent DODO dêlt ons mat :

De VdB Leiter Pünnel hûet elo kirzlech d'Memberen vun der VdB Bre'ssel op e Banquet agelûeden; önner Banquet ass ze verstoen e "Kuddelflecksîessen". Dât Iessen , vun dém de Pünnel sech vill versprach hat, go'f ofgehalen den 28te November beim "Volksgenossen" Jämpy Mîersch, 32 Place Rouppe zu Bre'ssel.

D'Kle'blad vun der VdB wor au complet : L.Pünnel, J.Deesen, H.Brincour a Bill Schroeder, è me' e Glaten we' den aneren.

Woren och do : Roller, Gratia, Schmidt I an II, Serta, Spang, Blei, Blum,Tresch,

Menager, Waringo an nach enger 20 aner dénen hiren Nûem ons net bekannt ass. Je, am ganzen 36 "Quislingen". Elauter Fatzbeidelen, de' ewell alles gemacht hun wo' nach keng Möss gedon.

Iwer d'Haptmänner wösse mir all genug Beschêd, mir gin ons dûerfir d'Me' net ons nach weider mat hinnen opzehalen, eso' interessant sin sie net. Mir wöllen ower dât bei bemîerken :

De Volksgenosse Jämpy Mîersch, bei dém d'Iessen ofgehalen ass gin, ass e gebûerene Woltzer. En hûet an der Zeit zu Pareis e schänterlecht Liewe gefo'ert, iwer dât mûencher Compatriot e Buch könnt schreiwen. E wor als Pâtissier etable'ert an a sengen Quartier hu se hîen de Boche genannt. We' d'Fe'ss him ze warem si gin ass hîen ugedréckt, hûet an der Minettsgegend e pûer Me'nt als Bäcker gewurschtelt a ko'm, Enn der Sach, op Bre'ssel wo' hîen zönterhîer eng "Boîte" exploite'ert. - Nîewebei bemîerkt, dem Jämpy sei Brudder (Alex) ass Wîrt zu Wässerbölleg. Wat d'Qualite'ten ubelangt, ass den Alex wûel eso' stark we' de Jämpy. We' d'Preisen den 10.5.40 bei ons agebrach sin wor den Alex dèn e'schten, dèn den Hackenkreizfûendel ausgehangen hûet. E pûer Woche spe'der ass hîen Ortsgruppenleiter vu Wässerbölleg genannt gin. Zwe'n Drecksäck de' hirer Familjen keng E'er machen.

De Metzeler Camille Gratia, 48 rue Félix Bovie zu Bre'ssel, hûet de Kuddelfleck geliwert. A sengem Quartier hûet en e schlechten Nûem an et göt behapt en hätt mat de Preisen déck Geschäfte gemacht. Zönter 14 Dég ass sein Haus vun der belscher Pôlice bewacht. E wärd wûel eng Bomm erwarden.

Et ass ons net bekannt wat op dém "Banquet" gequatscht ass gin, et intresse'ert ons och net. Mir wollte nömme wössen wîen do wor an ons Compatrioten opmîerksam machen op de' Schweinhonn de' an der Frîemd hirt Hêmechtsland eso' degrade'eren.

Et wor elauter Möscht an Dreck
wat do gesîes beim Kuddelfleck. DODO

---

Kên dûerf "De Freie Lötzeburger" zerreissen, verbrennen,
nömmen de' e weidergin kann è "Patriote" nennen .

---

--- Gehälter a Le'n ---

Eng gewössen Onzefriddenhêt ass önner onsen Arbechter. Mir hu jong Médercher de' an de Verwaltongen 1800 bis 2000 Fr. de Mo'nt verdéngen; dûerge'nt sin an der "Schwèrindustrie" nach Arbechter ze fannen, de' e Lo'n vu nömmen 1200 bis 1300 Fr. de Mo'nt beze'en.

De' famo's Augmentatio'n vu 40 %, de' de Gaul eiter hêleg versprach hat, le'sst ömmer nach op sech warden. An der Zwöschenzeit gesi mir d'Ongkäschten ömmer me' an d'Lûcht gon.

A gidfer Fabrék, gidfer Wîerkstat sötzt en "Obmann", dèn d'Interesse vum Arbechter ze verdêdegen hûet. Ower we' gidfer gudden Nazi gêt och den "Obmann" op de' le'w "Schmîergelder" aus. E Patron brauch nömmen en A zo'zedrécken, mam Regime eng Grimmel ze sympathise'eren fir dat d'Arbechter Sklawe bleiwen.

Wat d'Geld net mécht !

---

--- Eng Geschicht vum Ginze Gre't ---

An der Ettelbrécker Gare. - D'Gre't wöllt verrêsen a gêt sech e Biljet sichen.

Gre't : E Biljet drötter fir no Cruchten.
Gischtjen : 55 Pfennig .
Gre't : Wivill mécht dât a Frangen ?
Gischtjen : Dât mécht 5 Fr. an en halwen.
Gre't : Ech gin äch 5 Fr.
Gischtjen : 5 Fr. an en halwen. A fleisst îech, et sin nach Leid do.
Gre't : Ech gin äch 3 Fr. an e Ke's .
Gischtjen : Allez hopp, 5 Fr. an en halwen. D'Leid gin ongedölleg.
Gre't (be's) : Domm Lo'der, mach dech net den Décken. Et sin nach Garen hei am Land.

---

En dè sein Hêmechtsland verre'd
dè kritt seng Strof, fre' oder spe't.

---

--- Bre'fköscht ---
(vu Geld ass agangen)

Vum Jämpy sengem Geburtsdag : 525 Fr.
Hänkt se op, de' Terrorbanditen : 500 Fr.
L. S. : 200 Fr.
Kamesgéscht : 150 Fr.
Vum F. - Vive de Jang : 100 Fr.
Niklés 'chen vu Veianen : 100 Fr.
Losst de Mut net falen : 100 Fr.
Päpschossel : 100 Fr.
Här Tullepant : 100 Fr.
Brawo, dir Lötzeburger, mir kre'en se mat îech : 50 Fr.
Fir ons Freihêt : 50 Fr.
Trei bis zum Enn : 25 Fr.
Ons t Nationalfest ass den 23te Januar : 10 Fr.
Fir dem SIMON seng Platz : 2 Fr. (gutt bezûelt)
Eng lötzeburger Damm vu Léck : 40 Fr.
Vum klenge Ketty : 10 + 20 Fr.